N° 7759
Entrée le 14.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Vill Kanner hei am Land ginn a verschiddene Betreiungsstrukturen ënnerbruecht, zum Beispill an enger Crèche oder enger Maison relais. De Staat iwwerhëlt iwwert d'Chèque-service accueil eng finanziell Participatioun fir d'Crèchen, wou d'Eltere bis zu 20 Stonnen d'Woch ze gutt hunn am Kader vum Programm "d'éducation plurilingue". Fir d'Maisons Relaisen iwwerhëlt de Staat di ganz finanziell Participatioun, bis op d'Schoulvakanzen, wou d'Elteren dann ee klengen Deel selwer musse bezuelen.

Donieft gëtt et nach den Enseignement Precoce, wou d'Kanner net als "enfants scolarisés" ugesi ginn. Kanner, déi nëmmen hallef Deeg an de Precoce ginn, hunn nach 10 Stonnen d'Woch am Kader vum Programm "d'éducation plurilingue" ze gutt. Wann se awer ganz an de Precoce ginn, hu si am Kader "d'éducation plurilingue" keen Urecht op eng staatlech Hëllef ze gutt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat gëtt den Enseignement Precoce bei dëser Reegelung net wéi d'Crèchen an d'Maisons relaise behandelt?

2. Huet de Minister wëlles, den Enseignement Precoce ze fërderen an de Kanner vun 3 Joer déi selwecht Chancen op eng méisproocheg Bildung ze erméiglechen?
   - Wann jo, wisou kréien déi Elteren, deenen hir Kanner vollzäit an de Precoce ginn, dann net déi selwecht Hëllef?
   - Wa nee, firwat net?

3. Firwat gëtt den Enseignement Precoce net méi als Alternativ zu den dacks iwwerfëllte Crèche gefërdert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten